

(Interruptions)

Dat ass net auszeschléissen. Mä op jidde Fall ass de Moment elo emol esou déci-diéiert.

Sou, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zu der Proposition iwwert d'Modifikatioun vum Règlement. Mir hunn zwou verschidde Propositionen. Déi eng Kéier ass den Här Gibéryen deen, deen eis d'Propositione vun der Kommissioun virleet, an déi Kéier drop den Här Fayot. Fir d'éischt ass et um Här Gibéryen, an ech géif ëm Är Opmierksamkeet bieden. Et geet nämlech ëm eist internt Règlement.

3. 5864 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux propositions de loi

Rapport de la Commission du Règlement

» M. Gast Gibéryen (ADR), rapporteur.- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, esou wéi den Här President et gesot huet, geet et hei ëm eist internt Règlement. D'Reglementskommissioun huet sech mat de Prozedur befaasst, wat d'Propositions de loi ubelaangt.

Dir wësst alleguer, datt déi aktuell Prozeduren, déi mer hunn, relativ komplizéiert sinn a relativ vill Etappen hunn, an d'Konsequenzen dovun sinn, datt am Fong déi Propositions de loi, déi vun eis eenzelnen Deputéierte gemaach ginn, ganz selten déi legislativ Prozedur wäerten duerchlafen. Mir hunn dofir versicht, a mir hunn dat eestëmmege an der Kommissioun gemaach, fir eng nei Prozedur der Chamber hei ze proposéieren.

Ech erspueren lech, nach eng Kéier déi al Prozedur ze rappeléieren, mä ech wëll just a kuerzen Zich déi nei Prozedur virstellen. Anerefalls géif ech och mengen, datt mer ze vill géifen duerjerneekommen.

Et bleift selbstverständlech e Recht vun all Deputéierten, ëmmer eng Proposition de loi kënnen auszeschaffen an ze déposéieren. Déi Proposition de loi gëtt um Büro vun der Chamber déposéiert, an d'Chamber, an dat ass dann en éischte Schratt, décidéiert dann iwwert d'Recevabilitéit vun där Proposition de loi op Proposition vun der Presidentekonferenz hin.

Wat mer am Artikel 58 vun eisem Règlement gestrach hunn: Fréier, oder bis elo, hu mer ëmmer gekuckt bei der Recevabilitéit, ob déi Proposition de loi net géif géint den Ordre public oder d'Bonnes mœurs verstoussen. Well dat awer eng Definitiou ass, oder e Kritär ass, dee schwéier ze definéiere wier an nach vill méi schwéier ze kontrolléieren ass, huet d'Kommissioun proposéiert, fir dat aus eisem Règlement ze sträichen a just nach iwwert d'Recevabilitéit, wat also da méi eng Formsaach gëtt, déi d'Chamber mécht, ze decidéieren.

Wann d'Chamber se recevabel erkläert, gëtt se un d'Regierung geschéckt, déi da ka bannent dräi Méint en Avis ofginn, an d'Presidentekonferenz iwwerweist se an déi zoustänneg Kommissioun. Déi zoustänneg Kommissioun muss déi Proposition de loi dann op den Ordre du jour huelen, a bannent engem Délai vu 60 Deeg no dem Dépôt kënnt déi Proposition de loi dann hei an d'Chamber.

Et ass also e ganz wesentlech neie Punkt, dat heescht, datt all Proposition de loi nom Dépôt bannent 60 Deeg muss op den Ordre du jour vun der Chamber kommen, wou dann driwwer diskutéiert gëtt, iwwert d'Poursuite vun der Prozedur. Dobäi gëtt se virgestallt vum Auteur, an déi eenzel Parteie kënnen Stellung dozou huelen, an da gëtt iwwert d'Poursuite vun der Prozedur décidéiert.

Wann d'Chamber decidéiert, där Proposition de loi eng Suite ze ginn, da geet se erëm un d'Presidentekonferenz zrëck, déi se dann erëm un déi zoustänneg Kommissioun verweist. Se geet dann awer och un de Conseil d'État weider, a se geet dann awer och op där anerer Säit, an dat ass och nei, vun der Chamber aus direkt un d'Chambres professionnelles weider.

Wann d'Chamber géif decidéieren, där Proposition de loi keng Suite ze ginn, da gëtt se klasséiert a se gëtt einfach vum Rôle geholl. Et kann och an enger Sessioun eng Proposition de loi, déi rejetéiert ginn ass, an darselwechter Legislaturperiod och keng zweete Kéier méi frësch déposéiert ginn.

Wann déi Kommissioun e Rapport mécht iwwert déi Proposition de loi, an déi Proposition de loi hätt Konsequenzen, wat d'Statsfinanzen ubelaangt, entweder datt se géif zousätzlech Dépensé géréieren oder datt d'Recetté géifen erofgoen, da muss an deem Rapport festgehalen ginn, wéi déi Ännerungen, wat de Statsbudget ubelaangt, géifen ausgeglach ginn.

Eng Proposition de loi kann och zrëckgezu gi vun engem Deputéierte virum dem éischte Vote, wat d'Poursuite vun der Procédure législative ubelaangt. Duerno kann hie se net méi zrëckzéien. Datselwecht zielt och fir Deputéierter, déi net méi an der Chamber sinn. Do kënnen d'Groupes politiques oder d'Groupes techniques, wou den Auteur vun der Proposition de loi Member dra war zum Zäitpunkt wéi en den Dépôt gemaach huet, a wann en net méi Member ass, da kann dee Groupe politique oder d'Sensibilité politique dann och déi Proposition de loi zrëckzéien.

Dann hu mer nach en anere Punkt gemaach, Här President, dat ass d'Disposition transitoire, wou mer am Fong soen: Fir mat deem neie System elo unzekommen, gi sämtlech Propositions de loi deen Abléck, wou dat neit Règlement en vigueur trëtt, an dat ass déi éischt Sitzung vun der neier Chamberssessioun - well mer der Meinung waren, et sollt ee mat der neier Prozedur an der nächster Legislatur ufänken, also deen Abléck, wou dat Règlement a Kraaft trëtt, déi éischt Sitzung vun der neier Legislaturperiod -, ginn am Fong all Propositions de loi, déi bis zu deem Zäitpunkt déposéiert gi sinn, vum Rôle geholl, à l'exception vun deenen, déi an der Aarbecht sinn, wou schonn eng Prozedur en cours ass.

Duerfir ginn dann och vum Büro vun der Chamber aus all d'Kommissiounen gefrot, ob si Propositions de loi hunn, un deene se schaffen, déi also an der Prozedur sinn. Déi bleiwen dann an der Prozedur, an all déi aner Propositions de loi ginn d'office vum Rôle gestrach. Déi kënnen dann awer vun Deputéierten erëm nei erabruecht ginn, wa se déi gären an déi nei Prozedur eran hätten.

Dat ass kuerz résuméiert déi nei Proposition, déi mer als Reglementskommissioun maachen. Déi huet also zum Zweck, datt mer méi eng kloer Prozedur kréien, a se huet virun allem zum Zweck, datt bannent sechs Méint no dem Dépôt all Proposition de loi heibannen eng Kéier diskutéiert gëtt, an datt d'Chamber dann decidéiert, ob se där Proposition de loi eng Suite gëtt oder keng Suite gëtt.

Dat ass de wesentleche Punkt, an ech géif mengen, datt dat awer eng Opwäertung vun eiser parlamentarescher Aarbecht heibanne wier. An ech géif dofir och, am Numm vun der Kommissioun, lech alleguer recommandéieren, dës Ännerung vun eisem Règlement zoustëmme.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. D'Madame Flesch huet elo d'Wuert.

» Mme Colette Flesch (DP).- Här President, ganz kuerz: Mir schléissen ons där Proposition un, déi an der Commission du Règlement diskutéiert ginn ass. Ech mengen, heimadder ass d'Prozedur alléigiert a gëtt awer och dem Auteur vun der Proposition de loi d'Geleeënheet ze gesinn, dass seng Proposition weidergeet.

Onse Souci haut wéi gëschte bleift, dass d'Fro vun der Recevabilitéit, déi jo vun der Conférence des Présidents tranchéiert gëtt, net soll eng Guillotine sinn. De Fait, dass mer d'Referenz aux bonnes mœurs a vum Ordre public sträichen, ännert näischt dorunner. Et därerf net sinn, dass d'Question vun der Recevabilitéit zu enger Guillotine gëtt.

(Interruption)

Jo, jo, sur proposition vun der Presidentekonferenz. Mat där alléigierter Prozedur kënnen mir d'accord sinn.

Merci, Här President.

» M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Wëllt nach een d'Wuert dozou ergräifen? Wann dat net de Fall ass, da stëmme mer driwwer of.

Vote sur la proposition de modification du Règlement

De Vote fänkt un. Vote par procuration. Mengt Der, de Statsrot géif d'Dispens ginn? De Vote ass ofgeschloss.

D'Proposition 5864 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmme, bei 1 Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

A voté non: Mme Marie-Josée Frank.

Mir kommen dann zu dem zweete Volet, dat ass deen, wou den Här Fayot de Rapporteur vun der Kommissioun ass. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

4. 5979 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la coopération entre la Chambre des Députés et le Gouvernement en matière de politique européenne

Rapport de la Commission du Règlement

» M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.- Här President,...

» M. le Président.- Här Sunnen, et gëtt heibannen ofgestëmmt. Här Fayot.

» M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.- ...et handelt sech och hei ëm en Zousaz zu eisem interne Règlement.

Här President, d'Chamber huet an deene leschte Joren decidéiert, sech méi staark an d'europäesch Politik ze implizéieren. Dir wësst, dat hu mer säit 2003 gemaach. A besonnesch säit dem Referendum vum 10. Juli 2005 war et den Deputéierte kloer, dass een och misst probéieren Europa de Bierger méi no ze bréngen an doduerch och an der Chamber sech méi ëm europäesch Froen ze bekëmmere.

Säithier hu mer an dës Chamber eng wichteg Aarbecht gemaach a ville Kommissiounen. Dir wësst och, dass mer vun der Europäescher Kommissioun als Chamber direkt alleguerten déi Texter kréien, déi aus der Kommissioun kommen. Vill Kommissiounen hunn dorobber geschafft an hunn interessant Diskussiounen doriwwer gehalten.

Mir wësse jo, dass mer an dem institutionelle Gefüge vun Europa zwee Législateuren hunn. Dat eent, dat ass d'Europaparlament, dann dat anert, dat ass de Conseil des Ministres. Also ass ons Lëtzebuerger Regierung mat deenen anere Regierungen vun deenen anere 26 Länner de Législateur an Europa, an et ass d'Roll vun engem nationale Parlament, also vun onser Chamber, fir dee Législateur, also deen nationale Législateur, och ze begleet respektiv ze kontrolléieren, wann dat noutwendeg ass. Dat ass deen een Aspekt.

Deen aneren Aspekt ass: Souwuel am Traité vun Amsterdam wéi och an deem vu Lissabon kréien d'national Parlamenter eng Opwäertung. Dir wësst, dass et do zwee Protokolle gëtt iwwert d'Roll vun den nationale Parlamenter am europäesche Gefüge, an och iwwert de Contrôle vun der Subsidiariteit an der Proportionaliteit vun europäeschen Texter. Déi Roll bedéngt natierlech, dass d'Chamber, déi verschidde Kommissiounen, sech mat deenen europäeschen Texter ofginn.

Dir wësst och, dass mer d'Méiglechkeet kréien, duerch den Traité vu Lissabon, innerhalb vun aacht Wochen als Chamber en Avis motivé zu enger Proposition de directive anzebréngen, wa mer mat eppes net d'accord sinn. Dat sinn also alles nei Méttelen, déi d'national Parlamenter kréien.

Fir déi Aktiviteit, déi Aarbecht, déi mer als Chamber maachen, ze ënnermauern, an och ze kucken, wat fir Méttelen mer dofir kënnen asetzen, hu mer mat der Regierung en Aide-mémoire ausgehandelt, fir ze kucken, wat fir Hëllefstellungen d'Regierung der Chamber ka gi respektiv wat d'Roll vun der Chamber vis-à-vis vun der Regierung ass.

Deen Aide-mémoire huet och d'Approbatiou vun dem Regierungsrot fonnt. Mir wollten deen, fir dass dat och méi präsent ass, als en Aide-mémoire an onst Reglement aschreien, fir dann eben och kloerzemaachen, wat Regierung a Chamber zesummen do kënnen maachen.

Dir wësst, dass mer och en Artikel 168 am Règlement hunn, dee licht ofgeännert gëtt, well mer jo net méi vun der Regierung déi europäesch Texter kréien, mä - wéi ech éinescht gesot hunn - direkt vun der Europäescher Kommissioun alles kréien.

An deem Aide-mémoire - ech wëll just sechs Punkte ganz kuerz ervirsträichen - geet et elo fir d'éischt drëm, vun der Regierung Noten ze kréien; also, schonn déi Viraarbechten, déi d'Regierung bei sech mécht, wann zum Beispill Direktive kommen, fir dass d'Chamber déi och kritt. Well et geet jo drëm, fir bei deene Virschléi vun Direktive ganz en amont, also ganz am Ufanksstadium als Chamber schonn derbäi ze sinn - well wann een dat herno zum Schluss mécht, da weess een, dass een näischt méi kann änneren -, also Noten ze kréien, déi an der Regierung ausgeschafft ginn, fir d'Konsequenze vun europäeschen Texter ze erkennen.

Dat Zweet ass natierlech, fir Regierungsmemberen, och Fonctionnairen, déi an europäesche Gremië schaffen, an d'Kommissiounen vun der Chamber ze kréien, fir déi ze héieren.

Dat Drëtt ass selbstverständlech och, fir dann, wann e Conseil européen ass oder e Conseil des Ministres, fir am Virfeld oder och duerno Exposéé vun de Ministeren iwwert de Verlaf vun deenen Aktivitéiten ze kréien.

Dat Véiert ass, fir dee Rapport, deen d'Regierung all Joer mécht iwwert d'Europapolitik, dee mer och hei an den Aide-mémoire gesat hunn, virgestallt ze kréien an zugläich och de Rapport vun der Regierung iwwert d'Transposition vun Direktiven; wat mer iwwerens net méi spéit wéi nächste Méindeg an der Europakommissioun maachen.

Da selbstverständlech, wann eng Conférence intergouvernementale kënnt, wann also Traitée geännert ginn, da muss d'Chamber esou wäit wéi méiglech mat implizéiert ginn, muss d'Regierung der Chamber Informatiounen ginn. Ech wëll och derbäi soen, dass jo och am Traité vu Lissabon nach ëmmer d'Iddi vum Konvent virgesinn ass, an dass mer dann an där Iddi, mengen ech, hei déi Kollaboratioun mat der Chamber gesinn.

Schliesslech de leschte Punkt, de sechste Punkt. Wichteg ass, wa mer Informatiounen vun der Regierung kréien iwwer hir Verhandlungspositionen, iwwert déi Prioritéiten, déi se setzen, dass mer als Chamber gradesou gutt wéi d'Regierung d'Confidentialité ginn, dass dat also och ënner ons bleift, wann et sech besonnesch ëm schwierig Verhandlungen iwwer national-Interessen handelt.

Dat ass also dat, wat grosso modo an deem Aide-mémoire drasteet. Ech menge schonn, dass dat fir déi zukünfteg Chamber, wéi dat och an der Vergaangenheet scho war, e wichtege Leitfuedem ass. Et ass net, dass dat hei elo absolut nei ass. Villes vun deem, wat an deem Aide-mémoire steet, ass scho praktizéiert ginn. Wichteg awer ass et, dass et formaliséiert gëtt an dass mer et an onsem Règlement stoen hunn, fir dass also och déi zukünfteg Deputéierten an deenen eenzelne Kommissiounen sech dorunner kënnen halen.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Fayot. Wëllt nach een eppes derbäifügen? Den Här Goerens, wann ech gelift.

» M. Charles Goerens (DP).- Här President, ganz kuerz, fir am Kader vun dës Debatt drun ze erënnere, datt d'national Parlamenter am Fong méi Rechter hunn am

europäeschen Integratiounsprozess, wéi et hinnen oft bewosst ass. Den Här Fayot huet elo nach un eng Partie Prerogativen, déi d'national Parlamenter hunn, erënnert.

Ech wëll nëmme just soen, datt mir déi sinn, déi Traitéë ratifizéieren. Mir sinn déi, déi d'Erweiterunge ratifizéieren. Mir sinn déi, déi kënnen an engem fréie Stadium Texter analyséieren.

Ech wollt och do... Déi Regierung hei, déi ass elo eriwwer, grad wéi och déi Regierung virdrun an och déi Regierung virun där. Déi hunn et allen dräi versäimt, fir eis endlech eppes ze ginn, wat mer scho laang reklameiert hunn, nämlech eng Note explicative bei all Text, deen d'Chamber pour avis soumettéiert kritt.

Déi Note explicative brauch keng Literatur ze sinn. Et geet duer mat enger hallwer Sait, wou mer engersäits den Enjeu européen an op där anerer Sait den Intérêt national mentionnéiert kréien. Da wësse mer schonn, wéi mer eis mussen orientéieren, fir an der Analys vun deenen Texter weiderzekommen.

Dat si bestëmmt keng 50 Dokumenter, déi d'Joer wichteg sinn, mä vläicht eng hallef Dosen, déi awer fir Lëtzebuerg eng enorm Importenz hunn. Dat géif eis wesentlech d'Aarbecht erlichteren, wa mer dat direkt am Ufank, wou mer d'Texter fir d'éischt gesinn, vun der Regierung matgedeelt krien.

Dat dierft jo och net esou schwéier sinn. Well am Virfeld vum Dépôt vun enger Proposition de texte vu Bréissel ginn et Diskussiounen an Aarbechtsgruppe respektiv am COREPER. D'Regierung kritt jo och Noten, dann dierft et och net schwéier sinn, datt d'Chamber deeselwechte Wëssensstand kritt. An ech mengen, et wier och gutt, esou wéi haut och d'Milieux professionnels sech interesséiere fir déi do Saachen, datt d'Chambres professionnelles am Fong, déi dann och fir Avis gefrot gi bei engem Dokument, um selwechte Wëssensstand wieren.

Ech wollt och dat begrëissen, wat an dëser Legislaturperiod un Aarbechte gemaach ginn ass a puncto Aviséiere vun europäeschen Texter. An ech wollt och do dem Rapporteur an och dem President vun der Commission des Affaires étrangères, dem Ben Fayot, wierklech - dat soll keen eidelt Kompliment sinn; ech hätt net gär, datt en et esou géif opfaassen - Merci soen am Numm vun alle Kollege fir déi Aarbecht, déi en do gemaach huet. Wa mer haut nach net esou wäit sinn, wéi mer eis dat alleguerte gewënscht haten, ass et doudsécher net seng Schold.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Mir kommen elo zur Ofstëmmung...

(Interruption)

Den honorabelen Här Henckes, wann ech geliift.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, ech wollt just soen, datt d'ADR natierlech mat där Proposition hei d'accord ass, mä datt mer awer och wëllen drop hiweisen, datt verschidden Ausféierunge vun deem Gesetz awer missten och an onser Verfassung stoen: d'Relatiounen vis-à-vis vun der Chamber a vun der Regierung. Dofir hu mer eng Proposition de loi an deem Sënn déposéiert.

Mir sinn och der Meenung, datt et wichteg ass, datt déi Relatiounen, wa verschidden Traitéë géinnert ginn, wann Elärgissementer virgesi ginn, datt een och do Méiglechkeete virgesäit, fir den Dialog mat der Populatioun ze schafen. Dofir si mer also mat deem Text hei d'accord, mä mir maachen awer verschidde Reserven, datt dat heiten ons net wäit genuch geet, well een heiansdo gesäit, datt dat eent oder dat anert net esou klappt. An dofir hätte mer gäre méi verfassungsrechtlech Rechter, notament fir d'Oppositoun, also fir eng Fraktioun.

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung.

Vote sur la proposition de modification du Règlement

Vote par procuration.

Huet et geklappt, Här Etgen?

(Interruption)

Neen, et feelen nach zwee Voten. Elo nach een.

Den Text ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: la proposition de modification du Règlement 5979 est adoptée à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn als nächste Punkt op eisem Ordre du jour de Projet de loi 5953 iwwer eng Kläranlag an de Muselsgemengen. Dee Projet dauert wahrscheinlech ongeféier eppes weider wéi eng hallef Stonn. An duerno kënnt de Projet vun der Fusioun vun de Gemenge Clief, Heischent a Munzen. Also, eppes weider wéi eng hallef Stonn. De Rapporteur huet elo d'Wuert, den honorabelen Här Sunnen.

5. 5953 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les communes de la Moselle supérieure

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

» **M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, haalt lech gutt un, elo kënnt meng zweetlescht Ried hei an dësem héijen Haus. Och wann ech jo bekanntlech am allerdéifste Süden doheem sinn, esou läit mir dësé Projet vun der Kläranlag op der Musel awer um Häerz. An dat, well ech familiär Wuerzelen an deem Eck vum Ländchen hunn.

Komme mer elo zum Text, iwwert dee mer geschwë wäerten ofstëmmen.

De Projet, deen et der Regierung erlaabt, sech un der Finanzéierung vun den Aarbechte un enger Kläranlag op der Uewermusel ze bedeelegen, ass de 7. November 2008 vum Innenminister hei an der Chamber déposéiert ginn.

Den 3. Februar 2009 huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn. An dësem Avis - dorop wäert ech nach spéiderhin zrëckkommen - huet déi héich Kierperschaft eng ganz Rei vu Kritike formuléiert.

An der Réunioun vum 19. Februar 2009 sinn ech vun der Intérieurskommissioun zum Rapporteur vun dësem Projet ernannt ginn. De Minister huet eis an der Sëtzung och de Projet en détail virgestallt, a mir hunn den Avis vum Statsrot analyséiert. No dëser Réunioun an no Vue vun de Kritike vum Statsrot, huet d'Regierung den Text amendéiert, andeems de ganze Projet reformuléiert a reorganiséiert gouf. Dës Keier war den Text och vun Tableaux a Pläng begleet.

De 5. Mee 2009 - ech ka mech nach un deem Dag erënnere, wéi wann et virgësch gewiescht wär - huet de Statsrot du säin Avis complémentaire zum amendéierten Text ofginn. Net méi spët wéi de 6. Mee 2009 huet d'Intérieurskommissioun dësen Avis analyséiert an de virleiende Rapport ugehall.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, datt ech elo op de Contenu vun

dësem Gesetzesprojet iwwerginn. Wéi scho gesot, erlaabt dësen Text et der Lëtzebuerger Regierung, sech um Finanzement vun den Aarbechte fir d'Klärung vum Ofwaasser vun den Dierfer un der Uewermusel ze bedeelegen. D'Dépense geet aus dem Waasserwirtschaftsfong.

De Projet gesäit vir, d'Ofwaasser aus de Gemenge Schengen, Wellesteen a Réimech ze sammeln a se ënnert der Musel duerch Richtung Industriezon Perl-Besch an Däitschland ze leeden, wou dann eng gemeinsam Kläranlag gebaut gëtt mat der Bedeelegung vun der Gemeng Perl. Dës Kläranlag ass noutwendeg, fir enger europäescher Reglementatioun nozekommen, déi den Agglomeratiounen mat méi wéi 2.000 Awunnergläichwäerter op d'mannst e biologeschen Traitement vum Ofwaasser operleet. Am Moment gëtt nach alles méi oder manner direkt an onbehandelt an engem Égouts-System an d'Musel geleet.

Här President, Léif Frëndinnen a Frënn, erlaabt mir, datt ech kuerz de Kontext ëmräissen, an deem dës Anlag entsteet. Ech wäert lech elo op dëser Plaz kee Virtrag iwwert de Floss Musel halen. Ech denken, Dir kennt all déi wichteg Facteuren. Ech wëll éischter op d'Situatioun vun der Épuratioun vum Waasser hei am Land, a méi speziell op der Musel agoen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Zu Lëtzebuerg sinn 90% vun den Haushalter un eng öffentlech biologesch Kläranlag ugeschloss, vun deenen et der am ganzen 111 op eisem Territoire gëtt. Vun deenen aneren 10% si 5% un eng mechanesch Kläranlag ugeschloss, a 5% vun eiser Bevölkerung huet guer keng Kläranlag, an dat haaptsächlech an der Musel-gegend.

Fir datt de Grand-Duché d'Objektiver vun der europäescher Waasserkaderdirektiv, déi mir jo eréischt am Dezember 2008 an nationaalt Recht ëmgesat hunn, erreeche kann, mussen mir eis am Domän vun der Waasserwirtschaft weider fir de Bau respektiv d'Moderniséierung vu Kläranlagen asetzen.

D'Ofwaasser - wéi scho gesot - leeft ongekläert an d'Musel. Et kënnt engersäits vun den Haushalter an anersäits vun de kommerziellen an touristeschen Aktivitéiten a selbstverständlech och aus dem Wäibau. Fréier sinn d'Ofwässer duerch de Pouvoir auto-épuration, also d'Selbstreinigungskraft vum der Musel, méi oder manner gutt verquësst ginn.

Am Moment ass et awer esou, datt duerch d'Efforten, déi a Frankräich an an Däitschland gemaach goufen, an de leschte Joren et zu enger besserer Waasserqualitéit vun der Musel komm ass. Heiduerch huet de Fait, datt mir ongekläert Ofwaasser an d'Musel kéieren, natierlech en direkten negativen Impakt op d'Waasserqualitéit.

Heiwéinst a weinst der Direktiv 91/271, déi - wéi scho gesot - virschreift, datt Agglomeratiounen mat méi wéi 2.000 Awunnergläichwäerter op d'mannst e biologeschen Traitement vum Ofwaasser virgesinn, ass de Bau vun dëser Kläranlag néideg. En vue vun dëser Situatioun hunn déi Verantwortlech vun de Lëtzebuerger Gemenge Réimech, Wellesteen a Schengen déi däitsch Gemeng Perl an den Entsorgungsverband Saar kontaktéiert, fir zesummen d'Dépollitioun vun der Uewermusel unzegoen. Well un Ufank u gewosst war, datt et schwierig wär, op der Lëtzebuerger Sait e Site ze fannen, gouf d'Décisioun geholl, déi zukünfteg international Kläranlag op der däitscher Sait an der Industriezon Perl-Besch ze bauen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech ginn lech elo e kuerzen Aperçu technique vum Projet, verweisen awer fir d'Detailer op mäi schrëftleche Rapport, den Exposé des motifs an och op den Dossier vun den Amendementen. Do ass alles ganz genau explizéiert.

Den Évacuationsréseau ass op der Lëtzebuerger Sait fir d'Dierfer Schengen, Rëmerschen, Wëntreng, Schwéidsbengen, Bech-Maacher, Wellesteen an d'Stad Réimech. Op der däitscher Sait ginn Nennig, Besch, Perl, Oberperl a Sehndorf un d'Anlag ugeschloss.

D'Kläranlag huet eng Capacitéit vun 23.000 Awunnergläichwäerter. Dovunner sinn der 15.610 fir d'Lëtzebuerger Gemenge reservéiert. Dës Capacitéit ass esou festgeluecht ginn, datt och der zukünfteger Entwécklung vun der Populatioun an den ekonomeschen Aktivitéite Rechnung gedroen ass. Vum techneschen Aspekt hier gesinn, gesäit de Projet vir, d'Ofwaasser vun deene verschiddene Lokalitéiten ze sammeln a se ënnert der Musel erduerch op Perl-Besch an d'Kläranlag ze leeden.

Well déi ganz bestehend Kanalisatiounen der vum Type mixte sinn, dat heescht, souwuel Ofwaasser wéi och Reewaasser véhiculéieren, mussen se mat Opfangbecken équipéiert ginn. Heifir ginn op der Lëtzebuerger Sait zwielef Iwwerlafbecken tëscht Schengen a Réimech gebaut.

D'Évacuatioun vum Waasser gëtt op enger Längt vun eelef Kilometer vun der franséischer Grenz bis op Réimech duerch e Pompelsystem garantéiert. Fënnf Pompelstatiounen si virgesinn: jeeweils eng zu Schengen, Rëmerschen, Wëntreng, Bech-Maacher a Réimech. Duerno gëtt d'Ofwaasser iwwer eng Sechspompelstatioun op der Héicht vu Schwéidsbengen, méi genee beim Camping vu Schwéidsbengen, duerch e Kanalsystem ënnert dem Muselbett erduerch a Richtung Kläranlag geschéckt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësem dach méi ustrengenden an dréchenen, techneschen Deel, kommen ech elo zu deem, wat eis am meeschten interesséiert, dem finanziellen Impakt vun där ganzer Geschicht hei.

Insgesamt kascht d'Mise en place vun der Kläranlag de Lëtzebuerger Stat 43.250.000 Euro. Dës Montant bleift an der Enveloppe budgétaire, esou wéi et an der Programmation pluriannuelle vum Waasserwirtschaftsfong virgesi war. Et muss een allerdéngs soen, datt d'Estimatiounen vun de Phasen 2 an 3 selbstverständlech nach net esou prezis si wéi fir déi éischt Phas. Dës enorm Ausgabe ginn a si schonn an enger éischter Etapp vun de concernéierte Gemenge virfinanzéiert ginn, déi dann awer aus dem Waasserwirtschaftsfong rembourséiert ginn.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kollegen, erlaabt mer, datt ech zum Schluss nach kuerz op d'Aarbecht vum Statsrot an der Chamberskommissioun aginn. De Statsrot huet a sengem éischten Avis eng Rei Froen opgeworf, op déi ech elo net weider agoe wëll. Et sief awer gesot, datt déi héich Kierperschaft sech fir d'Opspléckung vum Projet an e puer Phasen ausgeschwat hat fir dat, wat de finanziellen Engagement vum Stat ugeet.

Ausserdeem huet de Statsrot bedauert, datt am Projet keng detailléiert Pläng ze fanne waren. An der Chamberskommissioun hu mir laang a kritisches iwwert den Dossier diskutéiert, an d'Regierung huet doropshin en amendéierten Text bei de Statsrot geschéckt, an deem si villen Observatiounen Rechnung gedroen huet, notament dat, wat mat der Opspléckung ze doen huet. De Statsrot war am Groussen a Ganze mat den Ännerungen zefridden an huet säin Accord zum Text ginn.

Här President, ech denken, datt och Dir mat alle Kolleeginnen a Kolleegen heibannen no mengem Exposé d'Noutwendegkeet vun dëser Kläranlag erkannt hutt. Duerfir bieden ech lech, der Regierung fräi Hand ze ginn an d'Erlaabnis ze ginn, hiren Deel vun der Finanzéierung vun der Kläranlag un der Musel ze garantéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Sunnen Merci. Als éischte Riedner ass den Här Carlo Wagner age-droen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Alleréischst dem Rapporteur, dem honorabelen Här Sunnen, félicitéiere fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. En huet dat mat deem - wat ech géif nennen - fir hien übleche Brio gemaach, an et huet ee richteg erausgespuert, dass e mat Stolz zënter kuerzem neie Miseler ass. Wëllkomm op der Musel, Här Rapporteur!

(Interruptions)

Den Här Rapporteur war esou prezis, dass ech wëll verzichten, hei op weider Detailer anzegoen, an och wëll Répétitiounen évitéieren, well mer hei haut de Mëtteg